



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Le Ministre

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
20 JUIN 2016

Luxembourg, le 20 juin 2016

Le Ministre des Affaires étrangères et européennes
à
Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

Je vous prie de bien vouloir trouver en annexe la réponse du Ministre des Affaires étrangères et européennes à la question parlementaire no 2074 posée par l'honorable Député Monsieur Fernand Kartheiser.


Jean Asselborn

**Réponse à la question parlementaire n° 2074 du 18 mai 2016
de l'honorable Député Monsieur Fernand Kartheiser**

1. Gedenkt Lëtzebuerg seng Lëschte vu sécheren Drëttlänner a sécheren Hierkonftslänner am Kontext vun der Migratiounskrisis ze iwwerschaffen ?

Säit dem 21. Dezember 2007 huet Lëtzebuerg eng national Lëscht vu sécheren Hierkonftslänner. Dës Lëscht ass a gëtt réevaluéiert a gegebenenfalls iwwerschafft.

Eist Land huet keng Lëscht vun sécheren Drëttlänner.

2. Ass Lëtzebuerg, wéi Daïtschland, der Meenung, datt Marokko, Algerien an Tunesien als sécher Hierkonftsstaaten anzeschätzen sinn ?

Marokko, Algerien an Tunesien stinn net op der nationaler Lëscht vu sécheren Hierkonftsstaaten.

Lëtzebuerg verfolgegt d'Entwécklung vun der Mënscherechtssituatioun an der politescher Situatioun an deene Länner. Sou huet de Service Réfugiés vun der Direction de l'immigration eng eege Cellule, déi aktuell Recherchen iwwert d'Herkunftslänner vun de Persoune mécht. Momentan ass net virgesinn des Länner op d'Lëscht ze setzen.

Hei muss en awer betounen, datt de Fait, datt eng Persoun aus engem sécheren Hierkonftsland kënnt, net gläichbedeitend mat engem Refus vu senger Demande ass. Fir all Dossier gëtt, niewent der Analys vun der Situatioun am Hierkonftsland, eng Analys vun der individueller Situatioun vum Demandeur gemach. Dat heescht konkret, datt och eng Persoun, déi aus engem sécheren Hierkonftsland kënnt, eng Protektioun vum Lëtzebuerger Staat ka kréien, wann sie d'Conditionen heifir erfëllt.

3. Wéi vill vun de Migranten, déi an de leschten zwee Joer op Lëtzebuerg komm sinn an nach kommen, sin iwwer d'Maghrebstaaten agereest respektiv si Bierger vun den dräi Länner Marokko, Algerien oder Tunesien ?

Tescht Mee 2014 an Abrëll 2016 hunn 172 Persounen aus de Maghrebstaaten zu Lëtzebuerg eng Demande ob internationalen Schutz gemaach; 75 Leit koumen aus Algerien, 44 aus Marokko a 53 aus Tunesien. Déi Zuel vun 172 Persounen stellt e Prozentsaz vun 4,47 % duer vun all de Leit, déi an där Zäit Asyl gefrot hunn.

625 Persounen aus dem Maghreb (116 aus Algerien, 305 aus Marokko an 204 aus Tunesien) kruten an der virgenannter Period een Obenhaltstitel ob Basis vum Immigratiounsgesetz, sief ett eng „Carte de séjour“ als Familienmember vun engem EU-Biirger oder engem Lëtzebuerger oder een éischten Titre de séjour als Drëttstaatler.

Donnéeen doriwwer, wéivill Persounen iwwert d'Maghrebstaaten ob Lëtzebuerg agereest sinn, sinn net disponibel.

4. **Wat geschitt op europäeschem Niveau aktuell, fir d'Lëschte vu sécheren Drëttlänner a sécheren Hierkonftslänner ze harmoniséieren, eng gemeinsam Prozedur an eventuell gemeinsam Kritären ze fannen?**

D'Direktiv 2013/32 iwwert d'Asylprozeduren gesäit fir dat Memberstaaten, Länner als „pays d'origine sûr“ désignéieren kënnen. Dëse Mechanismus erlaabt et, ënnert verschiddene Konditiounen, d'Asyldemanden vu Léit aus deene Länner enger „Procédure accélérée“ ze ënnerleeën.

D'Europäesch Kommissioun huet an hirer Agenda iwwert d'Migratioun gefrot, de Mechanismus vun de sécheren Hierkonftslänner ze verstärken.

Eng gemeinsam Lëscht vu sécheren Drëttlänner ass net virgesinn.

5. **Wat war an deem langjähregen Dossier vun enger gemeinsamer europäescher Lëscht vu séchere Länner d'Lëtzebuurger Positioun a wat ass se haut ? Wéi huet Lëtzebuerg an de Méint vu senger Présidence probéiert, op d'Erstelle vun enger gemeinsamer Lëscht hinzuschaffen ?**

Den Europäesche Conseil vum 25. Juni 2015 huet d'Kommissioun invitéiert, d'Moosnamen ze presentéieren, déi et erlaben de Renforcement vum Mechanismus vun den sécheren Hierkonftslänner ëmzesetzen, an dat ënnert der Koordinatioun vum „European Asylum Support Office“ (EASO).

A senge Konklusiounen vum 20. Juli 2015 huet de Conseil JAI de Memberstaaten recommandéiert, eng Evaluatioun vun deenen Drëttlänner ze maachen, déi als sécher Hierkonftslänner kënnen agestuft ginn. Eng Prioritéit sollt der Evaluatioun vun de Balkanstaaten accordéiert ginn.

Den 9. September 2015 huet déi Europäesch Kommissioun eng Proposition vun engem Règlement gemach fir eng gemeinsam europäesch Lëscht vun den sécheren Hierkonftslänner obzustellen. An deem Text gëtt proposéiert, Albanien, Bosnien-Herzegovina, ARYM, Kosovo, Montenegro, Serbien an d'Tierkei als sécher Hierkonftslänner ze qualifizéieren. D'Diskussiounen iwwert déi Proposition goufen vun der Lëtzebuurger Présidence am Rot vun den Memberstaaten lancéiert an d'Proposition gouf an verschiddenen Aarbechtsgruppen an ob verschiddenen Niveauen am Rot diskutéiert. Den Dossier konnt awer ënnert der Lëtzebuurger Présidence net oofgeschloss gin an d'Diskussiounen sinn nach ëmmer am Gang.